N°2705
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.08.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Hei zu Lëtzebuerg ass di „normal" Grippesaison an der Tëschenzäit eriwwer.

Ech géif dofir gäre vun der Madamm Ministesch wëssen:

- Wéi sech an deene leschte Joren, hei zu Lëtzebuerg, d'Grippenaktivitéit entwéckelt huet?
- Wéi situéiert sech Lëtzebuerg a Saachen Impfschutz géint d'Grippe am Verglach zu eisen Nopeschlänner respektiv eisen EU-Partner?
- Gëtt et bei eis an deene leschte Joren eng positiv oder negativ Entwécklung?
- Wien däerf haut, hei zu Lëtzebuerg, géint d'Grippe impfen?
- Ass kuerzfristeg geplangt aner Beruffsgruppen, e.a. Apdikter, déi schonn géint de Covid geimpft hunn, d'Impfung ze erméiglechen, sou wei dat an enger Réi vun europäesche Länner de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu